sondern um zu erfüllen.

Mt 5



Dönschdes 14.02. *Hl. Cyrill an hl. Methodius*

Echternach 09.00 Mass
 Osweiler 09.30 Mass
 CIPA-Consdorf 10.30 Mass fir Fam Leonardy (Br 2004)

Mëttwochs 15.02.

Echternach 09.00 Mass (Muttergotteskapell) Jos Ries a Fam
 Beaufort 10.30 Gottesdéngscht (Seniorenresidenz)

Donneschdes 16.02.

Echternach 09.00 Mass

Freides 17.02.

Echternach 09.00 Mass
 Steinheim 19.30 Mass Hubert Conjaerts / St abbé Jean Hoffmann, Fam Hinkel,
 Weimerskirch, Thérèse Hoffmann (21) / St Gaspard Hoffmann u. Eltern, u.
 Geschw. Hoffmann Wilhelm, Marie Heck u. Kinder (21)



Die Liebesgeschichte Gottes mit Israel besteht im Tiefsten darin, dass er ihm die Tora gibt, das heisst, ihm die Augen auftut für das wahre Wesen des Menschen und ihm den Weg des rechten Menschseins zeigt; diese Geschichte besteht darin, dass der Mensch so in der Treue zu dem einen Gott lebend sich als Geliebten Gottes erfährt.

Papst Benedikt XVI in der Enzyklika "Deus Caritas est"

7. Sonndeg am Joereskrees A

Mt 5,38-48

Samschdes 18.02.

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)
Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Berdorf	16.30	Kannergottesdéngscht
Beaufort	18.00	Kannergottesdéngscht
Consdorf	18.00	Virowendmass St op Meenung / St Fam Kohn-Assel, Matthias Kohn an Gertrude Kentges (2020) / St Nic Demuth, Cath. Klein, abbé Pierre Demuth a Fam (2020)
Born	18.00	Virowendmass St Fam Hein-Schoeben u. Welter-Boes u. Wohltäter (21)
Gonderange	18.30	Virowendmass St Fam Schmit, Hoffmann, Welter, Santer, Sturm, Wolmering (20)
Echternach	18.30	Virowendmass

Sonndes 19.02.

Altrier	09.00	Mass zu Eier vum hl. Matthias / Fam Knepper / Irma Meyers-Schmit a Fam / Els Prim-Houtvast
Girsterklaus	09.00	Mass Fam Weydert- Glaesener an Metty Weydert
Echternach	09.00	Mass
Echternach	10.30	Mass fir d'Par
Rosport	10.30	Mass
Beaufort	10.45	Mass Jean-Pierre Hoff / St Cath Knebler, Michel Knebler an Anna Berg a Fam (2019)
Junglinster	10.45	Mass Jm Maria Berns, Jm Maria Colling / 3. Jm Narcisse Moes
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Echternach	18.30	Owesmass

Méindes 20.02.

Virun 345 Joër, den 20. Februar 1678, gouf Maria, Tréischterin am Leed, zur Patrëinesch vum Herzogtum Lëtzebuerg erwielt

Echternach	09.00	Mass
Breidweiler	18.00	Mass Richard Leonardy / St Fam Roeder-Huberty (2006) / op Meenung

Dënschdes 21.02.

Echternach	09.00	Mass
Osweiler	09.30	Mass
Altlinster	18.00	Mass
Junglinster	19.00	Date mat Gott - Gebiet fir Jugendlech (Parzenter)

Ufank vun der Faaschtenzäit

Mëttwochs 22.02. Äschermëttwoch

**Gedenke Mensch, dass du Staub bist...
Bekéier dech, a gleeft un d'Evangelium !**

Echternach	09.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz (Basilika!)
CIPA-Lënster	11.00	Mass
Girsterklaus	14.30	Rousekranz
Girsterklaus	15.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz duerno Barmhärzegkeetrousekranz
Berdorf	18.00	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz
Echternach	18.30	Kannergottesdéngscht
Junglinster	18.30	Mass mat Ausdeelen vum Äsche Kräiz



Donneschdes 23.02.

Echternach	09.00	Mass
Echternach	18.30	Kräizwee
	19.00	Vesper

Freides 24.02.

Hl. Matthias

Echternach	09.00	Mass
Junglinster	18.00	Stéll Anbetung
	18.30	Kanner- a Familjemass



Der einfach Lebende ist nicht
Besitzer, sondern Verwalter
seines Besitzes.
Er kennt Zeiten des Feierns
und des Fastens

Hansjörg Bräumer

1. Faaschtesonndeg A

"Invocabit"

Mt 4,1-11

Samschdes 25.02.

Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell)
Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Berdorf	16.30	Kannergottesdéngscht
Beaufort	18.00	Kannergottesdéngscht
Herborn	18.00	Virowendmass Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Fam Dahm-Roulling-Reiter
Godbrange	18.30	Virowendmass St Maria a Cath Jegen an Dora a Joseph Jegen, Fam Pierre Stein (20)
Echternach	18.30	Virowendmass Jm Jos Petesch

Sonndes 26.02.

Girsterklaus	09.00	Mass St f. Stifter u. Wohltäter
Hemstal	09.00	Tëleesmass op Meenung
Echternach	09.00	Mass Jos a Maria Wohner-Schmit a René Wohner
Echternach	10.30	Mass fir d'Par
Rosport	10.30	Gottesdéngscht
Junglinster	10.45	Mass Marcel a Jean Beck
Echternach	11.45	Daffeier fir Sofia Da Silva
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
Echternach	18.30	Owesmass



Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.

De nächste Parbréif kënnst de 26. Februar eraus a geet bis de 2. Abrëll 2023.

Redaktiounsschluss 3. Februar 2023

Kontakt

Francis Erasmy, Paschtouer a Modérateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

Carlo Morbach, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

Luc Schreiner, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

Sylvie Kinnen, Parassistentin , ☎ 26720022 📧 sylvie.kinnen@cathol.lu

Anise Metz, Parassistentin , ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

Josiane Mirkes, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 📧 iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer
oder op Rendez-vous

iwwer Telephon si mir ereechbar.

vum 23.12.2022 - 06.01.2023 a vum 13.2. - 19.2.2023 ass de Parbüro zou

Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzten)

Konto Massintentiounen:

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

Kierchefong C.T./ Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer

Um Internet:

eist **Parliwien** fannt Dir op: cathol.lu/iechternach
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: basilika.lu

Liestipp...

Judith Vonderau

Die allerschönsten Gebete für Kinder.

Mit Liedern von Gott und Geschichten aus der Bibel.

Illustriert von Katrina Lange,
CAMINO Verlag Katholisches Bibelwerk

Stutthart 2022, 208 Seiten, 24,95 €.



Wann dir fir Chrëschttag ee Geschenk fir Kanner braucht, dat och eppes mat eisem Glawen a mat eiser Relioun ze dinn huet, da géif ech iech dëst Buch vum Judith Vonderau un d'Häerz leeën. D'Buch besteet aus 8 Kapiteln an deckt domat ganz vill Säiten vun eisem Glawen of.

Am éischte Kapitel (S. 10-75) si ganz vill Gebieder ofgedréckt fir all méiglech Geleeënheeten a Situatiounen. Hei fënnt een Seegensgebieder, Dëschgebieder awer och Gebieder a Situatiounen, wou een Trouscht brauch, oder wou een an Trauer ass. Mä och classesch Gebieder aus der Massliturgie sinn am Buch, sou dass een op eng einfach Manéier des Gebieder doheem ka léieren a gebrauchen.

Das zweet Kapitel (S. 76-97) besteet aus enger kuerzer a ganz informativer Aféierung an déi grouss a bedeitend Fester am Kierchejoer. Des Texter sinn net nëmme fir Kanner ganz passend, mä si ginn och Erwuessenen an Elteren ee gudden Hiweis, wat d'Bedeutung vu de Feieren an eiser kierchlecher Gemeinschaft ass.

Duerno sinn am Buch op de Säiten 100 bis 115 zéng bekannte Kannerlidd mat Text an Nouten präsentéiert. Dat kann als kleng Ureegung gëllen, fir och emol erëm an der Famill dat eent oder anert Lidd mat de Kanner ze sangen.

Ab Säit 116 sinn dann an zwee Abschnitter wichteg Erzielungen aus der Bibel ofgedréckt. Dëst ass natierlech nëmme eng ganz begrenzten Auswahl u Bibeltexter. An awer ginn si vläicht den Impuls emol an eng méi grouss Kannerbibel eran ze kucken oder esouguer an eng komplett Bibel. Fir een éischt Eruféieren vu Kanner un d'Bibel sinn si op alle Fall gutt gëeegent.

Vun der Säit 161 un sinn dann bis d'Säit 181 eenzel markant Versen aus der Bibel präsentéiert. Des Sätz si sécherlech net all direkt verständlech fir Kanner. Awer ech hunn den Androck, dass si sollen och d'Elteren ureegen mat hire Kanner doriwwer ze schwätzen an hinnen dann dëst an dat ze erklären. A mengen Aen ass et schonn eng ganz wäertvoll Iddie an hëlleft mat Sécherheet fir doheem eng Aart Kateches mat de Kanner ze maachen.

An engem 7. Kapitel ginn Bastelureegungen gebueden. Gewosst ass, dass Kanner duerchhaus jo Spaass drun hunn fir eppes ze bastelen. Firwat soll een net och mol ee Gebietswürfel mat hinne maachen oder ee Schutzengelunhänger?

Das lescht Kapitel ass iwwerschriwwen: „Unsere eigenen Gebete für die ganze Familie.“ Hei ass am Buch Platz gelooss, fir selwer eppes eranzeschreiwen, wat een

als Gebiet viru Gott wëll bréngen. Hei kann een deemno selwer nach eng Kéier kreativ ginn.

Wéi ech fannen, ass dëst Buch wierklech gutt a kann eis ureegen an enger Zäit, wou jo Villes vun eiser kierchlecher Traditioun am Wandel ass, emol rëm eng Kéier nei mat de Kanner iwver eise Glawen nozedenken. Et kann och Elteren nei ureegen, fir sech mat deem Glawen ausenaner ze setzen

Jana Highholder Jung und gläubig

Gedanken, die deinen Alltag verändern,

SCM R. Brockhaus Holzgerlingen 2022,
231 Seiten, 18,99 €.



D'Buch vum Jana Highholder huet mech begeeschtert. Hei ass eng jonk Fra, déi aus hirer kuerzer awer intensiver Liewenserfarung eraus schreift. Haut schéngt et ganz dacks net méi ubruecht ze sinn, fir sech als jonke Mënsch zum chrëschtliche Glawen ze bekennen.

Natierlech muss ee gesinn, dass jidder Mënsch aneschtens denkt an esou och aneschtens gleeft. Awer hei gëtt engem ee Wee virgestallt, deen dach ganz déif ass. D'Jana Highholder hat als Kand Kriibs an huet sech an d'Liewe gekämpft. Si ass present an de moderne Medien, trëtt op op Bühnen uechter Däitschland a schreift Bicher. Si studéiert zu Münster Medezin. Op hirer Homepage kann een iwver si sou munches gewuer ginn: <https://www.janahighholder.de>.

Hiert Buch huet 30 Kapitelen, déi een ganz onofhängeg liese kann. Si kucken op ganz vill ënnerschiddlech Themen, déi mam Liewen a mam Glawen ze dinn hunn. Si weisen, dass och ee jonken a modern denkende Mënsch duerchaus säi Liewen vun haut mat den Iddien vum Chrëschtentum kann an Aklang bréngen, jo d'Liewen aus deem Glawen eraus och ka gestalten.

Ech gräifen hei nëmmen ee Kapitel op: „Sorgen um und Sorgen für“. Wien als jonke Mënsch mécht sech net Gedanken iwver seng Zukunft an iwver d'Zukunft vun eiser Welt? Do muss een seng perséinlech Suerg an Angscht schonn eescht huelen. Allerdéngs dierf een net dobäi stoe bleiwen. Dem Jana Highholder seng Strategie ass, dass een selwer aktiv gëtt, dass ee plangt, dass een sech asetzt. Et dierf een senger Angscht net esou vill Plaz loosse, dass si alles blockéiert. Si beschreift dann, wéi si ebe just mat Hëllef vun hirem Vertrauen am Glawen positiv un d'Liewe konnt erugoen a munch Schwierigkeeten konnt iwverwannen.

D'Autorin hëlt an hirem Buch ëmmer nees Bezuch op d'Bibel a setzt hiert Liewen an ee Kontext zu deem, wat si an der Bibel liest. Sou ass beispillsweis ee weidert Kapitel iwwerschrivven: „Der Gute Gott und das große Leid. Die Geschichte von

Hiob“. Déi meescht vun eis kennen dem Hiob seng tragesch Geschicht an der Bibel. Vill Mënschen allerdéngs erliewen an hirem konkrete Liewen och esou Tragedien. An ëmmer nees stelle mir eis dann d’Fro, wou Gott am Misär ass. Ganz richtig seet Jana Highholder, dass mir net sollen am Leed froen: „Firwat ech?“, mä: „Wouhin geet et vun hei aus?“ (S. 171) Et ass scho wichteg, dass een an deene Momenter mat Gott streit an diskutéiert. Hien hält dat aus. Mä da fënnt een eben och d’Kraaft fir no vir ze kucken. Dat ass wichteg.

D’Buch ass duerchzunn vu klengen „Merksätz“, déi quasi ee Resumé jee weils vum Text sinn. Dat mécht, dass een eventuell och séier zu enger Iddie eppes fënnt an nach eng Kéier liese kann. Op alle Fall ass et ee schéint an uspriedend Buch mat villen déiwe Gedanken zum Liewen an zum Glawen, dat net nëmmen fir jonk Mënschen wäertvoll ass mä fir jiddereen, deen wëll, dass och de Glawen am Alldag kann eng Plaz hunn.

Carlo Morbach

Brand an der Pierre- et Paul-Kierch

De 16. November koum et am Nomëtteg onglécklecherweis zu engem Kabelbrand am Keller vun der aler Parkierch Pierre-et-Paul, warscheinlech ausgeléist durch e "Nagetier". Gottseidank ass näischt schlëmmeres geschitt, d.h. d’Kierch an de Mobilier sti nach an et ass kee Mënsch zu Schued komm. Awer duerch d’Dampentwécklung huet sech eng Schicht vu Knascht a Russpartikel op de ganzen Interieur geluecht.

Mat vill Opwand muss elo an der Kierch, der Krypta, dem Keller an an der Sakristei alles gebotzt ginn, an de Mobilier, d’Altär, Statuen, d’Fënsteren a virun allem d’Fresken an d’Molereien aus dem 11., 14., 17. an 18. Joerhonnert fachmännesch restauréiert ginn. Mir si ganz dankbar datt mir direkt Hëllef versprach kruten vun der Assurance a vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA, fréier SSMN) ënnert der Leedung vum Elisabeth Koltz. fir dës deier Aarbechten finanziell z’iwwerhuelen.

Eis Pierre-et-Paul-Kierch wäert lo fir länger Zäit zou musse bleiwen, bis nees alles an der Rei ass. Hoffe mer, datt alles gut geet!

Francis Erasmy



Wort-Gottes-Sonntag

BIBEL – hören – lesen – leben

D'Bibel: e Buch fir mäi Liewen

An de Sonndesmassen vum 14.-15. Januar a vum 22.-23. Januar wëlle mer dem Härgott sengem Wuert eng besonnesch Plaz ginn.

Das Christentum ist die « Religion des Wortes Gottes », nicht « eines schriftlichen, stummen Wortes, sondern des menschengewordenen, lebendigen Wortes ». Verbum Domini 7

Papst Franziskus hat den III. Sonntag im Jahreskreis zum „Wort-Gottes-Sonntag“ bestimmt. Wie aus dem Apostolischen Schreiben „Aperuit illis“ hervorgeht, wünscht der Papst, dass dieser eigene Bibelsonntag der Feier, dem Nachdenken und der Verbreitung des Wortes Gottes gewidmet sein soll. Nicht zufällig ist für die Veröffentlichung des Dokumentes des 30. September gewählt worden: an diesem Tag gedenkt die Kirche des heiligen Hieronymus.

D'Dokument vum Pöppst Franziskus fannt dir op der Säit: vatican.va

Éischt Schrëtt an der Bibel

Dräi Owender fir sech am Buch „mat de siwe Siggelen“ erëmfannen

- **Méindes, 16. Januar „Kommt, mir maachen d'Bibel op“**
(Opbau, Buch oder Bibliothék, Zitatiounen, Entstehung vun de Schrëften a vun der Sammlung vun de Schrëften, Urtexter an Iwwersetzungen, Kathoulesch Bibelen - protestantesch Bibel, asw.)
- **Méindes, 23. Januar „Dat mam Brout hate si net verstanen“** (Mk 6,52)
Mir liesen e konkreten Text villschichteg zesummen.
- **Méindes, 30. Januar "Eng Entdeckungsrees duerch d'Matthäusevangelium"**

Leedung: Tom Osborne, pensionéierte Bibelprofessor, zesumme mat enger Ekipp

Plaz: Veräinshaus, Iechternach

Horaire: 19.30-21.00 Auer

Wuert-Gottes-Sonndeg ... an dann?!

Wann d'Bibel eng vun den Haaptquellen vum chrëschtliche Glawe soll sinn, da geet et sécher net duer, datt mir eemol am Joer de „Sonndeg vum Härgott sengem Wuert“ feieren. Et geet kee Wee laanscht de reegelméisseg an déiwe Kontakt mat der Helleger Schrëft, dee nëmme méiglech gëtt duerch d'aktivt Liese vun der Bibel, am Dialog mat de Liewensfroe vun ons alleguer. Den hellegen Hieronymus, Kierchepapp aus dem 4. Joerhonnert, déi driewend Kraaft bei der Iwwersetzung vun der Bibel op Latäin (Vulgata) huet et sou gesot: „Ignoratio Scripturarum, ignoratio Christi“, wann een d'Helleg Schrëft net kennt, da kann ee Christus net kennen. Esou einfach ass et. Einfach ass et allerdéngs net!

D'Pastoralekipp vun der Par Regioun Iechternach proposéiert eng Rei Angeboter:

Bibeltreff Freides moies

Dëse Grupp vun enger Dose Leit liest eenzel Bibel-Schrëften „vum Ufank bis zum Schluss“ (Lectio continua). Bis elo hunn si d'Lukasevangelium an d'Matthäusevangelium, souwéi eng Rei vum hellege Paulus senge Bréiwer zesummen geliest. De Moment setze si sech mam Johannesevangelium auseneen.

Leedung: Tom Osborne

All Freides moies, vum 9.00-11.30 Auer am Parsall zu Iechternach (beim Parbüro)

De Grupp start am Hierscht an e neit Aarbechtsjoer.

Vesper an der Basilika Donneschdes owes

All Donneschdeg-Owend (ausser de Schoulvakazen) gëtt d'Vesper gesongen, eng Zäit vu Gebiet a Gesang mat der Helleger Schrëft an der grousser benediktinescher Traditioun vun der Abtei zu Iechternach.

Donneschdeg-Owes, 19.00 Auer an der Basilika (Stëll Anbetung: 18.30 Auer)

Liesowend an der Basilika

Mir liese d'Matthäusevangelium ganz ...

eng Bibelneucht an der Basilika

10. März um 19 Auer (Detailer kommen no)

Eng häerzlech Aluedung fir jiddereen. Bréngt wa méiglech Är Bibel mat!

Fir méi Informatiounen an Umeldung:


Tel: 72 01 49, Email: iechternach@cathol.lu (Parbüro)

„Tolle lege – Huel a lies“

sou huet den Hellegen Augustinus den Impuls vu Kanner, déi gespillt hunn, kritt, fir selwer aktiv an der Bibel ze liesen! D'Pastoralekipp géif sech wënschen, datt och Dir d'Freed entdeckt, fir an der Helleger Schrëft ze liesen, am beschten an ärer eegener Bibel, awer oder am *Bichelchen vum Matthäusevangelium* déi d'Par lech schenkt, am Internet... jee, iwwerall, wou Dir de Räichtum vun deenen Texter entdecke kënnt. Zesummen um Wee, mat lech, mam Wuert vu Gott!

Dass ich darauf vertraue,
dass ich es dir wert bin,
dass du mir
einen Stern schickst,
mich an dich zu ziehen -
darum bitte ich dich.

Dass ich dem richtigen
Stern folge,
dass ich loslassen
kann, was mich hält;
dass ich glücklich
ankomme - bei dir -
und verändert
aufbreche
- zu den Menschen -
darum bitte ich dich.



Dëst & dat...

Parbüro a Massbestellungen

de Parbüro ass zou vum 23.12.22 - 06.01.23 a vum 13.2. - 19.2.23

Iwwer Telephon si mir ereechbar.

Wann Dir eng Mass wëllt bestellen, da schwetzt w.e.g. als éischt mat engem aus dem Pastoralteam oder mam Parbüro. Mir notéieren Äer Intentiounen an eventuell den Datum vun der Mass. Erréicht dono kënn dir dann deen entspreechenden Geldbetrag op ee vun eise Kontoen fir Massbestellungen iwwerweisen.

Anise Metz

Parbreif per Poste / mail

Dir hutt d'Méiglechkeet, de **Parbréif per Poste oder per Mail** geschéckt ze kréien. Per Poste free mer e Bäitrag vun 30 €. Mellt lech weg, am Parbüro (iwwer Tel. oder Mail) an deelt eis Är Coordonnee mat (Numm, Adresse oder Mail-Adresse): Parbüro: 720149 - iechternach@cathol.lu

Anise Metz

Generalversammlung

D'Fraen a Mammen Iechternach invitéieren op hir Generalversammlung, Donneschdes, 19.01.2023 um 20.00 Auer am Veräinshaus.

Adventsfenster

D'Fraen a Mammen Iechternach hunn eng Adventsfenster am Kaplounshaus décoréiert. Wann Dir an d'Basilika gitt (bei der Trap zur Parkplaz Decker hin), da bleift een Ablack stoen a kuckt iech déi schéin Fënster un.



Familljen hëllefen Familljen

Villmools Merci fir all Engagement bäi der Aktioun vun de Liewensmëttel-Päck 2022. All Këscht déi Dir agepaakt oder mat ärem Don finanzéiert hutt, gött dringend gebraucht.

Ouni lech ass déi Aktioun nët méiglech. Duerfir e besonnesche Merci un all déi Leit aus den Dierfer an un d'Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf, déi sech ëm dës Aktioun suergen a se an den Dierfer organiséieren. All déi, déi hëllef wëllen an als Kontaktpersoun wëllen dobäi sinn, solle sech elo schonns bäi eis melden, fir dass mir bäi der nächster Aktioun nach méi aktiv dobäi sinn.

Villmools merci un lech all. An ären Hänn ass dës Aktioun gutt opgehewen.

Josiane Mirkes

Neue Internetseite Basilika

Die neue Internetseite ist „online“

Am Ende der diesjährigen Willibrordus-Oktave ging der neu errichtete Internetauftritt der Echternacher Basilika „online“.

Reich bebildert und in vier Sprachen – deutsch, französisch, englisch und niederländisch – gibt die Internetseite www.basilika.lu einen umfassenden Einblick in die Historie der ehemaligen Abteikirche sowie in das aktuelle Pfarrleben in der gewichtigen Willibrordgründung an der Sauer.



Viele Fotos und Baupläne illustrieren die Baugeschichte des nach dem Zweiten Weltkrieg neu aufgebauten Heiligtums, das 1939 in den Rang einer päpstlichen Basilika erhoben wurde. Das Kapitel „Basilika und Willibrord“ schildert auch die biografischen Eckdaten des in Echternach begrabenen Landesapostels sowie Infos zur Springprozession.

In „Liturgie und Pfarrleben“ findet der Besucher nützliche Informationen zu den Gottesdiensten, den Verantwortlichen der Pfarrei und den Messdienern während im Kapitel „Musik“ die an der Basilika wirkenden ehemaligen und aktuellen Musiker, Sänger und Organisten vorgestellt werden - nebst Beschreibung der Klais-Orgel, des Carillon und der Glocken.

Neben den „News“ wartet die Internetseite mit einer reichen Mediathek auf, wo viele Videos, Fotos und Artikel zum Eintauchen in das reiche kunsthistorische und religiöse Erbe der Echternacher Basilika einladen.

Der Aufbau der Seiten ist nutzerfreundlich und für das erfrischende Design zeichnete die Luxemburger Agentur Marc Wilmes Design verantwortlich.

Marc JECK



D'Uergel an der Konsdrëffer Kierch

huet e puer Alterskränkten, déi mir mat eise bescheidene Mëttele musse behandele loossen. Dir kënt eis gären ënnerstëtze mat engem Geste op de Kont vun den:

Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf asbl.
CCPLLULL IBAN: LU16 1111 7047 3429 0000
Vermierk: *Uergel Konsdref*



Fir all Zomm an Zömmche seet Eech de Comité en häerzleche Merci

Hëllef fir Ukrainesch Flüchtlingen

Dräi Konsdrëffer Vereenungen haten de vergaangene 17. November op eng sympathesch Scheckiwwerreechung un d'Caritas Lëtzebuerg, vertrauden duerch d'Madame Caroline Theves, an de Festsall um Scheedgen invitéiert. D'Konsdrëffer Massendénger mat engem Deel vun hirem Klibberloun, d'Jeunes Mamans Consdorf mam Erléis vum Ouschterärverkaf an d'Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf mat der Quête bäim Concert Metal & Pipes haten et zesummen op d'Zomm vun 3.000,- € bruecht.

Jemp Origer





Espace
Jeunes

Um Wee vum Glawen... Firmung ?

Léif jonk Frënn,

Wann Dir gedeeft sidd, an d'Kommioun gemaach
hutt, feelt nach just d'Firmung fir ganz zu der
Gemeinschaft ronderëm de Jesus ze gehéieren.

Déi nächst Firmung ass den 7. Juli 2023, fir all déi
Jugendlech déi virun 2008 gebuer sinn. Och Dir
sidd häerzlech agelueden.

Mir treffen eis an der Schoulzäit dënschdes
um 19.00 Auer, ofwiesselend zu lechternach an
der Basilika oder zu Lënster am Parzenter am
Kader vum Date vu Gott fir eis virzubereeden op
d'Firmung.

Dir kënt lech um Site vun der Par den Umeldungsformular eroflueden fir lech
unzemellen. Sollt Dir Froen hunn, rufft um Parbüro um Telefon 720149 un oder
schwätzt mat engem Member vum Pastoralteam.



Josiane Mirkes

Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher

Den Date ass och eng Virbereitung op d'Firmung!

Déi nächst Treffte sinn:

lechternach 19.00 Auer an der Basilika:

24.01.23 - 07.02.23 - 28.02.23

Lënster 19.00 Auer am Parzentrum (15, rue du Village)

10.01.23 - 31.01.23 - 21.02.23 - 07.03.23

Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet,

☎ 26720376, ✉ luc.zimmer@cathol.lu

Parbüro: ☎ 720 149 ✉ iechternach@cathol.lu



Gottesdénsgichter fir Kanner

- **Bäerdref** an der Kierch, all Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdénsgicht
- **Befort** an der Kierch, all Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdénsgicht
- **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
- **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
- **Rouspert** an der Kierch, all Freides ëm 18.00 Auer Kannergottesdénsgicht (ausser den 9.12.)

An de Schoulvakanzan si keng Kannergottesdénsgichter

D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzan). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **13.01.23- 27.01.23 - 24.02.23** - *...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la Spillschoul et du cycle 2.1, le vendredi, toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires), au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates: 13.01.23- 27.01.23 - 24.02.23*

Liichtmëssfeier

All Kanner sinn häerzlechst agelueden fir mat hirer Famill a Frënn un enger Liichtfeier an eiser Par deelzehuelen, mat seene vun de Kanner an hire Lamponen. Heizou hu dir folgend Méiglechkeeten:

Donneschdes, 02.02. zu

- **Bech** an der Kierch, ëm 16.30 Auer
- **Iechternach** an der Basilika, ëm 14.00 Auer
- **Jonglënster** an der Kierch, ëm 14.00 Auer



Dat (Vir-) Lescht



Klagt die Frau des Professors: „Mein Mann wird immer zerstreuter. Gestern hat er bis weit nach Mitternacht überlegt, was er wollte, bis ihm endlich einfiel, dass er an diesem Tag zeitig zu Bett gehen wollte.“



„Papa“, fragt Peter, „weißt du, wer Hamlet war?“ Der Vater antwortet lächelnd: „Natürlich weiß ich das, aber wenn ich es dir einfach sage, dann lernst du ja nichts. Also nimm dir die Bibel und lies selbst nach.“

TIM & LAURA www. WAGHUBINGER.de





29 janvier 2023 // 16h30

Eglise de Junglinster

+ Concert Spirituel +



Crédit: Maison du Grand-Duc, David Trin

org. *Les Amis de l'Eglise de Junglinster*



www.amisdeleglise.org

„Ich hebe meine Augen auf zu den Bergen“

Choeur de Chambre & Pueri Cantores

du Conservatoire de la Ville de Luxembourg

Paul Kayser (orgue)

direction: **Pierre Nimax jr.**

Réservation des billets au 780043 ou par mail: lenster@cathol.lu
No. compte: CCRA LU43 0099 7800 0027 3540

Entrée: 25€ (15€ réduit)